



N° 7806
Entrée le 21.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.03.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesches fir Interieur weiderzeleeden.

D'Madamm Inneministesches huet eis an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 7679 opgekläert, dass, d'Kandidaten net ënnert deenen 50 Persounen dierfen sinn, déi fir eng Lëscht fir d'Gemengewalen ënnerschreiwten.

Et ass eng Interpretatioun vum éischte Alinea vum Artikel 228 vum Walgesetz dee schreift:

*"Les listes sont constituées pour chaque commune par les groupements de candidats qui, par une déclaration signée par eux, acceptent la candidature dans cette commune, et **sont présentées conjointement soit par cinquante électeurs inscrits dans la commune, soit par un conseiller communal, sortant ou en fonction.**"*

Och wann d'Madamm Ministesches dat net explizitt schreift, schéngt et esou wéi wann dëst a Verbindung mat dem Artikel 230 géng stoen deen am éischte Saz seet:

"Nul ne peut figurer, ni comme candidat ni comme présentant dans plus d'une liste d'une même commune."

D'Madamm Ministesches an hirer Äntwert:

"[...] dass déi 50 WielerInnen, déi d'Lëscht presentéieren, net gläichzäiteg KandidatIn op där Lëscht dierfe sinn."

Vue datt am Artikel 223 steet "*soit par cinquante électeurs [...], soit par un conseiller communal*" misst een der Madamm Ministesches hire Saz da jo och *mutatis mutandis* verstoen als:

*"[...] dass déi **Gemengeconseilleren**, déi d'Lëscht presentéieren, net gläichzäiteg KandidatIn op där Lëscht dierfe sinn."*



www.piraten.lu

Schonns 2003 hat den Conseil d'Etat eng ënnerschiddlech Behandlung vu WielerInnen mat Gemengeréit op Basis vum *ordre général* kritiséiert, wéi een am Rapport vum Projet de Loi 4885 noliese kann wou am Commentaire des Articles steet:

"En vertu de la remarque d'ordre général qu'il a formulée à l'ingrès de son avis, le Conseil d'Etat propose de lire le premier alinéa de cet article „... vingt-cinq électeurs inscrits dans la commune.“ au lieu de „...cinquante électeurs inscrits dans la commune, soit par un conseiller communal, sortant ou en fonction“. "

De Staatsrot huet des Weideren a sengem Avis geschriwwen:

"Dans ce contexte, le Conseil d'Etat ne partage pas l'intention des auteurs du projet de loi visant à accorder aux députés et aux conseillers communaux en exercice des poids relatifs plus élevés qu'à d'autres citoyens. Il doit être possible– et il a toujours été possible par le passé– de réunir aisément les 100 signatures requises par circonscription ou les 250 signatures requises pour tout le pays, sans faire renaître la notion de notables que leurs prétendues sagesse ou perspicacité feraient sortir de la masse des citoyens ordinaires."

Weder aus de Chamberdebatte vum 12. Februar 2003 nach aus de Procès-Verbaux vun der Kommissioun geet ervir datt KandidatInnen net och WielerInne wieren an domadder hir eege Lëscht net ënnerschreiwé kéinten.

Alles wat sech aus de PV'e vun der Chamber zum Artikel 228 (am Projet de loi 234) erausliesen léisst, ass:

"Concernant l'article 234, alinéa premier, M. Gira estime que le nombre de cinquante électeurs pour présenter les listes est trop élevé et favorise les partis politiques établis dans la commune. M. Halsdorf propose de remplacer le nombre par un pourcentage. M. Jaerling se rallie à M. Gira et estime que le fait que la liste peut aussi être présentée par un conseiller communal favorise également les partis établis."

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Firwat dierfen dann Gemengeconseillere fir d'Lëschtën ënnerschréiwé, wou si selwer Kandidat sinn?
2. Ass dëst net eng Ongläichbehandlung ënnert dem Verfassungsprinzip vun "*Les Luxembourgeois sont égaux devant la loi.*" (Art. 10bis (1)) wann e Gemengeconseiller dierf Kandidat a Présentant sinn, eng Biergerin awer nët dierf Kandidatin a Présentante sinn?

Mat déiwem Respekt,





CLEMENT Sven
Deputéierten



GOERGEN Marc
Deputéierten

